adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Am Déifferdenger Gemengerot vum 29.4.2021 (https://differdange.lu/conseil/conseil-communal-du-28-avril-2021/) gouf vun der Oppositioun d'Fro opgeworf wéi wäit d'Gemeng beim Finanzement vun diverse Studien zu engem geplangte Wandpark bedeelegt war. Als Äntwert koum dunn dat d'Gemeng Déifferdeng bis ewell wäit iwwert eng hallef Millioun Euro zu allen Etudë vun engem private Promoteur bäigesteiert huet, dëst ouni Garantien, datt de Projet iwwerhaapt realiséiert ka ginn an och ouni Garantie, datt am Negativen des ëffentlech Gelder un d'Gemeng mussen zeréckbezuelt ginn. Dat Ganzt gëtt motivéiert duerch Informatiounen aus dëse Studien, déi fir d'Gemeng vun Interessi kënne sinn. Dëst ka sécherlech de Fall si fir faunistesch Etuden, beim Gros vun den Etudë geet et em Wandstudien, Foragen zum Ënnergrond oder soss Ënnersichunge wéi Kaméidissimulatiounen oder Schattenwurf, déi bei esou engem Projet am Kader vun Betribsgeneemegungen néideg sinn, allerdéngs fir eng Gemeng an hir Bierger ausserhalb vun esou engem konkrete Projet irrelevant sinn.

Weiderhin ass et esou, datt am Code civil beim Planze vun Héichstämmbeem en Ofstand vun 2 m zum Noper muss respektéiert ginn (Art. 671), fir Nuisancë bei Drëttpersounen ze vermeiden. Wéi ass d'Situatioun beim Opriichte vu Wandmille vu méi wéi 200 m Héicht par Rapport zu der Voie publique, respektiv zur Proprietéit vun Drëttpersounen, ëmsou méi bei esou engem kontroverse Projet wéi dee genannten zu Déifferdeng, wou des Wandmille sollen uewerhalb vun alen ënnerierdesche Galerien opgeriicht ginn?

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Banneminister gär des Froe stellen:

1) Wéi beurteelt d'Madamm Minister hei den Fait, datt d'Gemeng e groussen Deel vun den Etuden fir en Privatpromoteur finanzéiert?
2) Kënne Gemengen Etuden zu Projete vu Privatpromoteure matfinanzéieren, wou se a priori net Deel vum Projet sinn a wou en Deel vun dësen Etudë keen direkten Notze fir eng Gemeng an hir Bierger huet?
3) Wat sinn d'Mindestofstänn vun esou Wandmille par Rapport zum ëffentleche Raum, respektiv par Rapport zu de Proprietéite vun Drëttpersounen, fir kënnen all Nuisancen a Risiken auszeschléissen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten